eboo

# Meng éischt Verbindung op eboo eBanking mat LuxTrust Mobile

No der Ouverture vun Ärem Kont bei der POST, bleiwen Iech just nach e puer Etappen, bis Dir Ären neien eboo eBanking entdecke kënnt.

## WAT GESCHITT NO MENGER DEMANDE, FIR E KONT OPZEMAACHEN?

Dir kritt Zougang op eboo eBanking, woumat Dir Äre Kont online geréieren an ofruffe kënnt. Iwwer dëse perséinleche Beräich kënnt Dir och Virementen opginn, e Relevé d'identité bancaire (RIB) eroflueden, Är Easy Visa-Kaart oplueden, Är Bankauszich kucken a nach vill méi.

Fir op eboo zouzegräifen, musst Dir virdrun Äre LuxTrust aktivéiert hunn.

## WAT ASS LUXTRUST?

D'Apparater vu LuxTrust sinn esou konzipéiert, datt se eng optimal Sécherheet wärend Online-Operatioune bidden. Mat LuxTrust profitéiert Dir vun enger verifizéierter numerescher Identitéit, fir Är reell Identitéit an engem digitalen Ëmfeld nozeweisen. Dës Sécherheetskontroll ass vergläichbar mat engem Passage duerch d'Douane virun engem Fluch mat der Destinatioun eboo.

## WAT BRAUCH ECH, ÉIER ECH UFÄNKEN?


Äre Smartphone

Är LuxTrust-Coden (déi Dir iwwer SMS bei der Ouverture vun Ärem Kont kritt hutt) dës Coden si valabel fir 21 Deeg

# WÉI AKTIVÉIEREN ECH LUXTRUST MOBILE?

Wann dat alles prett ass, fänkt mat der Aktivéierung vu LuxTrust Mobile un, andeem Dir den Instruktiounen um Bildschierm follegt.

**1**





Luet LuxTrust Mobile iwwer den App Store oder Google Play Store erof

**Wichteg**: LuxTrust Mobile ka **maximal op zwee Apparater aktivéiert sinn**.
Aus Grënn vun der Sécherheet, déi vun der CSSF gefuerdert sinn, ass LuxTrust Mobile mindestens **mat engem Apparat mat Apple 12.0** oder **Android Versioun 6.0 kompatibel!**

Laden im App Store


JETZT BEI Google Play

**2**





Maacht d'App LuxTrust Mobile op
a klickt op „**Neuer Benutzer**"

**3**




Gitt d'**USER ID,** déi Dir iwwer
SMS kritt hutt an an dréckt op „**weiter**"

## 4




Akzeptéieren d'**Allgemeng Bedéngungen** vun LuxTrust

Nodeems Dir d'**Allgemeng Konditioune** gelies hutt, swipt den Toggle-Schalter vu lénks op riets fir d'**Allgemeng Bedéngungen** vun LuxTrust ze **akzeptéieren**.

## 5





**Zum Beispill:**

621234944

Also: 34944


Gitt déi **5 lescht** Ziffere vun Ärer Handysnummer an d'Textfeld „**Aktivéierungscode**" an a klickt op „**weiter**"

## 6




Aktivéiert déi biometresch Erkennung (**FaceID, TouchID oder FingerPrint**), mat där Dir d'Applikatioun opmaache kënnt, ouni de PIN-Code anzeginn


7




Definéiert e PIN-Code mat **6 Zifferen** a **bestätegt en,** éier Dir
op d’Kontrollzeechen änne riets op Ärem Bildschierm dréckt, fir en ze validéieren.

**Dee gitt Dir gefrot, wann Dir kee**
**biometreschen Ofdrock, TouchID, Face ID oder Figerprint, benotzt.**


8




Wielt **3 Sécherheetsfroe** fir ze beäntweren aus. Se hëllefen derbäi, Iech
ze identifizéieren, wann Dir de Support uruft.

Iwwerpréift a bestätegt d’Sécherheetsfroen déi Dir gewielt hutt

9





Definéiert en **neit Passwuert**
a gitt et nach eng Kéier bei „**Passwort bestätigen**“ an

**10**




Gitt Ären Apparat en **Numm** deen einfach ze erënneren ass. Dëst ass nëtzlech am Fall wou Dir den Apparat ersetzen musst oder den Zougang zu der App temporär blockéiert.

**11**




Domat ass Äre LuxTrust Mobile fäerdeg aktivéiert.
Klickt op „**abschliesen**"

**12**




No der Aktivatioun vu **Luxtrust Mobile** kritt Dir no e puer Minutten eng **zweet** Noriicht.

**13**



Häerzleche Gléckwonsch ! Äre Luxtrust Mobile gëtt aktivéiert. Aktivatioun dauert ongeféier 30 Minutten. Waart w.e.g. ier Dir de nächste Schrëtt ufänkt.

# WÉI AKTIVÉIEREN ECH MÄIN EBOO eBANKING?

**14**


Luet **eboo** iwwer den App Store oder Google Play Store erof

**15**





Maacht d'Applikatioun **eboo** op a klickt op connexion

**16**





Wielt **LuxTrust Mobile** aus

**17**




Gitt Är **USER ID** an déi Iech an der **zweeter SMS** geschéckt ginn ass a gitt am Schrëtt 9 **selwecht Passwuert** un wéi Dir fir Äre LuxTrust Mobile Kont gewielt hutt

**18**




**Klickt op de Quadrat.** Dir gitt op d'Applikatioun LuxTrust Mobile weidergeleet

**19**




Eng Fënster geet op an informéiert Iech, datt d'LuxTrust Mobile-Verbindung amgaang ass an Dir **5 Minutten hutt,** fir d'**Etapp 20 ze erreechen**

**20**




Beim Opmaache vun Ärer Applikatioun Luxtrust Mobile, **klickt op bestätigen**

21

Eng **Identifikatiounsufro gëtt iwwer FaceID oder mam digitale Fangerofdrocksensor** gemaach. Wann Dir FaceID net aktivéiert hutt, da **gitt de selwechte PIN-Code an,** deen Dir fir Äre LuxTrust Mobile-Kont gewielt hutt.

22

Dir gitt nees op d'App vun **eboo eBanking** weidergeleet.
**Häerzleche Gléckwonsch, d'Aktivéierung vun Ärem eboo eBanking war erfollegräich!**
Dir kënnt elo Är eboo-Applikatioun **iwwerall,**
**wou ëmmer Dir sidd benotzen,** ouni mussen an e Guichet vu Post Finance ze goen.

Wann Dir Problemer mat der Prozedur hutt, kontaktéiert w.e.g. **8002 8004**.
POST Assistenten sinn verfügbar fir Iech Méindes bis Samschdes vu 7 bis 20 Auer ze hëllefen.

E puer App **Benotzung Tutorials** sinn verfügbar
um POST Luxembourg YouTube Channel, an der Playlist "**Tutos eboo**".

## Nach Froen zu LuxTrust Mobile?

**https://www.luxtrust.com/de/privatkunden/wechsel-zur-luxtrust-mobile-app**

**+352 2455 0550** vu méindes bis samschdes vun 8:00 bis 18:00 Auer.

**questions@luxtrust.lu**

POST LUXEMBOURG